**N° 4484**
Reçue le 14.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.06.2021

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Enseignement fondamental feelt et weiderhin u genuch Léierpersonal. Well net genuch „brevetéiert" Léierinnen a Schoulmeeschteren do sinn, gëtt an der Grondschoul op déi sougenannte „Quereinsteiger" (Détenteurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental) zréckgegraff.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Ass de Fënnef-Jores-Plang, deen de Besoin un Enseignanten berechent, scho finaliséiert?
- Wa jo, wéi héich ass de Bedarf un zousätzlechen Enseignanten fir déi kommend Joren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

CSV-Fraktiounspresidentin

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4484 vun der honorabelen Madame Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1) & 2)**

Op Basis vun de Berechnungen a Previsioune vu menge Servicer, wäerten an den nächste Jore follgend Besoinen un Enseignanten zum Droe kommen:

| | 2021/2022 | 2022/2023 | 2023/2024 | 2024/2025 | 2025/2026 | TOTAL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Proposéierte Recrutement (Stand 2021*)** | 300 | 300 | 250 | 225 | 200 | 1275 |

(* à politique inchangée)

De Besoin ëmfaasst op där enger Säit Renforcementsposten, déi entspriechend fir déi jeeweileg Joren ugefrot ginn, bedéngt duerch déi wuessend Kannerzuelen, an op där anerer Säit Remplacementsposten, déi de Volume un Tâchen, déi duerch ënnerschiddlech Ëmstänn (Service à temps partiel, Congé sans traitement, Départ à la retraite, eventuell Demissiounen ...) fräi gi sinn, kompenséieren.